N°2492
Entrée le 21.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madame Justizminister Elisabeth Margue op d'parlamentaresch Fro n°2492 vum 19. Juni 2025 vum honorabelen Députéierten Dan HARDY zum Sujet "Facturation des appels téléphoniques des détenus au Centre pénitentiaire de Schrassig"**

**1) Kann d'Madamm Minister elaboréieren, firwat den Telefonszerwiss fir Prisonéier aktuell net vun der Post geréiert gëtt ? Bis wéini ass eng nei Ausschreiwung vun deem Zerwiss virgesinn ?**

Den Telefoniesystem am Prisong zu Schraasseg ass net als eegestänneg Software konzipéiert, mee en ass en integralen Deel vun engem zentrale Gestiounslogiciel (BASIS), deen entwéckelt ass, fir déi ganz Verwaltung vun de Prisonéier ze zentraliséieren. All Uruff, dee vun engem Prisonéier ausgeet, gëtt vum System iwwerpréift, fir sécherzestellen, datt d'Telefonsnummer vum zoustännege Magistrat erlaabt ass, esou wéi et am Artikel 25, Paragraph 3, aus dem Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwert Prisongsverwaltung drasteet. D'Gespréicher ginn op Basis vun hirer Dauer verrechent an de Montant gëtt automatesch vum interne Konto vum Prisonéier ofgebucht.

**2) Huet an der Vergaangenheet eng Ausschreiwung stattfonnt, ob déi aner Lëtzebuerger Operateuren sech hätte kënne mellen ? Falls jo, wéi eng Conclusioune goufe gezunn ? Falls net, firwat net ?**

D'Firma TELIO, eng däitsch Firma, déi Telekommunikatiounsléisunge fir Prisongen ubitt, a mat där och haut nach zesumme geschafft gëtt, war déi eenzeg Entreprise, déi dës Zort vun Déngschtleeschtungen ubidde konnt. Wéi an der Äntwert op d'Fro 1 geschriwwen, ass BASIS den Haaptlogiciel, deen d'Gestioun vun de Prisonéier, inklusiv d'Telefonie, iwwerhëlt. Dohir ass dozou keen *Appel d'offres* gemaach ginn. Den TELIO-System gëtt a ville Prisongen an Europa agesat, doduerch verfüügt d'Firma iwwer eng laangjäreg Erfarung, déi der Prisongsverwaltung, als Gestionnaire, natierlech zegutt kënnt.

**3) Wéi reagéiert d'Madamm Minister op déi Onreegelméissegkeeten ? Goufen an de vergaangene Jore weider esou Onreegelméissegkeete gemellt ? Wéi vill vun deenen Hiweiser sinn unerkannt ginn ? Wéi eng Erklärungen dozou gouf et vun der däitscher Bedreiwerfirma ? Wéi ee Gesamtmontant u falsch ofgerechente Verbindunge gouf un d'Prisonéier zeréckiwwerwisen ?**

Den informatesche Service vun der Prisongsverwaltung, dee fir d'technesch Gestioun vun der Telefonie an de Prisongen zoustänneg ass, hat virun döser parlamentarescher Fro keng Kenntnis vun eventuelle Feelfunktiounen am Telefoniesystem oder vu Problemer mat Telefonsrechnungen am Prisong zu Schraasseg. D'Direktioun vun der Prisongsverwaltung ass och ni direkt vun engem Prisonéier mat esou engem Problem befaasst ginn.

Zënterhier gouf eng intern Enquête lancéiert, an, am Kader vun dëser Enquête, gouf och bei TELIO nogefrot. Deemno ass de Problem op d'Aart a Weis zeréckzeféieren, wéi d'Facturatioun vun den Uriff programméiert ass. All Uriff ginn am Format Stonn:Minutt:Sekonn gespäichert, mee op der Rechnung erschéngen nëmmen d'Auerzäit bis d'Minutt. Wann e Prisonéier elo bannent kuerzer Zäit e puer Mol hannerteneen déi selwecht Nummer urifft – wat nom Iwwerpréiwen erstaunlech dacks geschitt – zum Beispill um 20:15:01, 20:15:19 an 20:15:40, da ginn op der Rechnung dräi Appeller mat där selwechter Auerzäit (20:15) opgezielt.

Op Nofro vun der Prisongsverwaltung huet TELIO eng Ënnersichung betreffend d'Uriff mat enger Dauer vun 0 Sekonnen am System duerchgefouert. Dobäi huet sech erausgestallt, dass all Uruff, dee manner wéi eng Sekonn dauert, automatesch als 0 Sekonnen am TELIO-System ugewise gëtt. Zum Beispill: wann een Appell op e Repondeur geet an no 0,59 Sekonnen ofgebrach gëtt, gëtt dësen als 0 Sekonne registréiert. TELIO schafft aktuell zesumme mam Service Informatique dorunner, fir dësen techneschen Detail unzepassen. D'Zil ass et, dass och ganz kuerz Gespréicher an d'Zukunft als 1 Sekonn ugewise ginn, fir Mëssverständnisser ze vermeiden an d'Transparenz ze verbesseren.

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2025

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue